PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 10te November 2022

Communiqué

D'Piraten hunn haut an der Chamber eng Gesetzespropose deposéiert, an där et dorëms geet, fir negativ Emissiounstechnologien - Stéchwuert *Carbon Capture* - massiv auszebauen. D'Propose huet zum Zil fir Lëtzebuerg an d'ganz Welt méi schnell zur Klimaneutralitéit hin ze beweegen.

An de leschte Joren hu verschidden Etüden erausfonnt, dass d'Reduktioun vun den CO2-Emissiounen eleng net méi duer geet, fir eist Klimazil vu maximal 1,5 Grad Äerderwiermung z'erreechen. Parallel zur Reduktioun vun den Zäregaser mussen also och Ustrengungen ënnerholl ginn, fir de bestoende CO2, deen elo schonn an der Atmosphär ass, eraus ze kréien. Mir schwätzen heibäi vum *Carbon Capture* oder negativen Emissiounstechnologien.

Beim Carbon Capture geet et dorëm, fir den CO2 aus der Loft eraus zefilteren an an anere Forme fest ze setzen, wou en dann net méi zur Äerderwiermung bäidréit. Da kann ënnert verschiddene Forme sinn : a Steeschichten oder a Baumaterialie wéi dem Bëtong. Et existéiert och d'Méiglechkeet fir d'Hierstellung vu sougenannten e-Fuels. Dës Dreifstoffer sinn op mannst CO2-neutral an eegnen sech, fir den Undeel vu fossillen Dreifstoffer kuerz- a mëttelfristeg nach ee Mol ze reduzéieren.

D'Gesetzespropose vun de Piraten wëll d'Investissementer an negativ Emissiounstechnologien an d'Luucht dreiwen. Negativ Emissiounstechnologië sollten esou schnell wéi méiglech op grousser Skala asazbereet sinn, fir de Carbon Capture am grousse Stil weltwäit anzeféieren.

Mir proposéieren dofir een Aspeisetariff, änlech wéi e mam leschte Stroumgesetz agefouert gouf, fir d'Subventioun vu Projeten, déi a negativ Emissiounstechnologien investéieren. Dëse Subventiounsprogramm soll Lëtzebuerg zu engem Virreider am Beräich maachen a vill Projeten heihinner lacken. Zousätzlech zum PNEC soll dës Moossnam Lëtzebuerg nach méi schnell zur Klimaneutralitéit bréngen.

Fir d'Finanzéierung vum Projet proposéieren d'Piraten, fir de Klimafong ze notzen, wou aktuell nach vill Suen ongenotzt leien an deen dofir geschaf gouf, fir ee Beitrag zur Klimakris ze leeschten.